piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft, Energie & Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Ee rezenten Artikel vum 14te Mee 2026 op Heise.de informéiert iwwert potenziell Schwachstellen an der IT-Sécherheet vun ëffentleche Luetstatiounen fir Elektroautoen. Den Artikel verweist op de *Bericht zur IT-Sicherheit der öffentlichen Ladeinfrastruktur* vum Bundesamt für Sicherheit in der Informationstechnik (BSI). Laut dem BSI kéinten onsécher Kommunikatiounsprotokoller, Software-Schwachstellen a Problemer bei der Zertifikatsverwaltung am schlëmmste Fall net nëmmen eenzel Luetstatiounen, mee d'Stabilitéit vum Stroumnetz beaflossen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung d'Risiken, déi am BSI-Rapport fir ëffentlech Luetinfrastrukturen identifizéiert goufen, am Kontext vum Lëtzebuerger Netz?
2. Wéi eng IT-Sécherheetsufuerderunge gëlle fir ëffentlech Luetstatiounen zu Lëtzebuerg, notamment am Beräich vun der Verschlësselung, Authentifikatioun an der Kommunikatioun mat Backend-Systemer?
3. Goufen zu Lëtzebuerg schonn IT-Sécherheetsauditen, wéi dee vum BSI, bei ëffentleche Luetstatiounen duerchgefouert, a falls jo, mat wéi engen Haaptresultater?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Wéi gëtt verhënnert, datt ëffentlech Luetinfrastrukturen net fir Attacken op aner kritesch Infrastrukture benotzt kënne ginn, notamment op d'Stroumnetz?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten